QP N°3460

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:23, 18/01/2021

Lëtzebuerg, den 15/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

An engem RTL Interview de 15.01 huet d'Buergermeeschtesch Lydie Polfer erkläert, dass d'privat Sécherheetsfirma déi engagéiert gouf, fir am Garer Quartier fir méi een héischt Sécherheetsgefill ze suergen, verschiddene Poliziste bei Festname gehollef hätten, esou d'Buergermeeschtesch. Ganz konkret sot d'Lydie Polfer:

> "Si hunn souguer mat Momenter der Police gehollef, wou ee Polizist a Schwieregkeete war, wou deen ee wollt ebe festhuelen, wou si gehollef hunn. An dat net nëmmen eng Kéier."

An der Äntwert op meng Fro vum 27.11.2020 (n°3217) hunn d'Ministere geäntwert:

> "Wat d'Fro zu de Befugnisser vun de Sécherheetsagenten ugeet, esou ginn déi net iwwert d'Befugnisser vum normale Bierger eraus."

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass et also engem normale Bierger erlaabt, der Police bei Festnamen ze hëllefen?
   Falls jo, wéi dierft esou eng Hëllef ausgesinn?
   Falls nee, wei bewäert de Minister d'Handelen vun de Sécherheetsbeamten op der Staater Gare a wéi eng Konsequenzen wäert dës Aktioun mat sech zéihen?

2. Huet de Minister Informatioune bei wéi ville Festnamen, een Employé vun der privater Sécherheetsfirma gehollef huet?
   Wéi hunn déi Hëllefen ausgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

.

Luxembourg, le 18 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3460 du 15.01.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen - Sociétés de sécurité privées

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés